Bilsdorf Guide and Scout Centre
Neihaischen Guide and Scout Centre
Fënsterdall Scout Campground
LGS shop by Lessure Workwear

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
association sans but lucratif
*reconnue d'utilité publique*

# Newsletter

2/2021

***Léiwe Member a Frënn vun der a.s.b.l. vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten,***

*Kuerz virun de Summercampen um Schluss vun dësem awer méi speziellen Guiden- a Scoutsjoer wëlle mer op dëser Plaz ee klenge Réckbléck op ons lescht Aktivitéiten maachen.*

*Mir hunn awer och schonns gutt fir dat neit Guiden- a Scoutsjoer geplangt. Als Beispill kann een ons Presenz um Chefdag mat e puer Stänn fir ons Aktivitéiten virzestellen nennen. Oder dass mer weider amgaang sinn ons PR auszebauen. Oder dass mer ons Comptabilitéit un de neie Konteplang upassen.*

*Ech wëll jidferengem vun dëser Plaz aus ee gemittlechen an erhuelsamen Summer wënschen.*

*Vill Spaass beim liesen,* ***Eric***

## 48. Guiden- a Scoutskiermes zu Bilschdref

50 JOER 1971 - 2021



En Donneschdeg, den 13. Mee 2021 op Christi Himmelfaart stoung zu Bilschdref déi traditionell Guiden- a Scoutskiermes um Programm, just dass se dëst Joer coronabedéngt net esou konnt ofgehale gi wéi déi Jore virdrun. Als Alternative hu mir fir eis Memberen a fir d'Awunner vu Bilschdref ee **besënnlechen Tréppeltour** organiséiert zum Thema „50 Joer Relais de l'Amitié", an dono och nach een Take Away Kiermesmenü proposéiert.



Dëst Konzept ass gutt ukomm. Mir konnten eng séllegen Leit um Tréppeltour begréissen an den Dag iwwer **80 Take Away Kiermesmenüe verkafen**.


Op dësem Wee seet de Comité Bilsdorf, all deene **MERCI**, déi eis dëst Joer mat engem Don ënnerstëtzt an/oder un eiser Guiden- a Scoutskiermes deelgeholl hunn.

TAKE AWAY



# Revue Éischt-Mee-Feier 2021 um Neihaischen







Merci, datts du op d'**Éischt-Mee-Feier 2021** op de Neihaische koums. Mat genee 70 Leit op der Plaz hu mer ënnert besonneschen Ëmstänn dësen traditionelle Konveniat nees zesumme feiere konnten. De Comité Neihaischen mat senge Frënn hunn dëse Rassemblement dës Kéier dobaussen op der Fändelswiss tëschent dem Chalet an der Scoutskapell organiséiert.

Samschdes mëttes a Sonndes wor **Porte-Ouverte mam Relive vun der Éischt-Mee-Feier 2021 an der Scoutskapell**. Guiden a Scouten, Leit vum Neihaischen déi nach eng Blumm beim Monument nidderleeë wollten oder „Expats" déi wéinst den aktuelle Reesrestriktiounen hir Walheemecht exploréiert hunn an duerch Zoufall de Neihaischen an d'Geschicht vun der Scoutskapell entdeckt hunn koume laanscht.



Live op der Plaz an/oder aus dem Päckelchen housch et an der Invitatioun. No der Guiden- a Scoutsmass animéiert souguer direkt vun dräi Hären, zesumme mat Gesank a Gittarkläng gouf et dunn eng Bouneschlupp fir mat heem aplaz vu Schnittche mat Kippchen. **120 Liter selwer gemaachen Bouneschlupp si fortgaangen. A se schéngt gutt geschmaacht ze hunn**.



Um Dag selwer gouf äerdeg geknipst an d'Photoe vun der Feier goufen an engem ganz flotte Montage zesummegesat deens de ënnert www.scotel.lu an op dësem Youtube-Channel kucke kanns: **https://www.youtube.com/watch?v=R7n9bg437zE**

**E groussen Merci och fir di vill generéis Donen.**

De Comité Neihaischen a seng Frënn a Mataarbechter


**Lidderbuch mat CD**





**12,-**

**LGS-Kaartespill**



**2,50**

**Opinel Inox No7 Täschemesser**




**9,-**

LGS shop by LESSURE WORKWEAR

1, rue Jean Origer
L-2269 Lëtzebuerg-Gare
Geschäftszäiten:
méindes - samschdes
10:00 - 18:00 Auer
Tel: 2694 5656

**Congé annuel vum 1. bis de 15. August**

**Stay, Camp & Shop** – *we make Guiding Scouting easier*